



dran. An dat huet mech dozou bruecht, deen Dossier bei de Parquet ze ginn.

An datt ech wierklech jo näischt géint de ProActiv en tant que tel hat - Dir hutt selwer de Beweis erbruecht -, dat ass, datt et de ProActiv nach ëmmer gött. Firwat gött et de ProActiv? Mä well do eng Équipe sech un d'Aarbecht gemaach huet - fir et elo emol ganz héiflech ze soen -, fir ze botzen. Dir wësst, wat ech elo geduecht hunn, wat ech net wollt soen. Do ass gebotzt ginn an duerfir gött et de ProActiv.

A firwat gött et den OPE net? Well mer do Leit haten, déi net bereet waren, déi Restrukturatiounen ze maachen, datt dem Bierger seng Suen, schlussendlech dem Steierzueler seng Suen, géife sënnavoll utiliséiert ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Baum, wat ass den Objet?

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Ech géif och gär also eng Explikatioun nach vum Här Minister hunn, an zwar wat...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Eigentlech ass d'Diskussioun eriwver.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, ech hätt him d'Fro och kënne virdru stellen, mä et ass jo eng gewësse Kulanz elo hei.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also do froen ech den Här Minister: Sidd Der esou kulant?

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Ech si ganz kulant. Dat wësst Der, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Da fuert emol duer, Här Baum!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Ganz kulant sinn ech.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Da soen ech dem Här Minister Merci fir seng Kulanz. An zwar d'Fro ass déi hei: Wat d'Salariée vum OPE ugeet an d'Suitten duerno, wann dat alles esou ass, wéi Dir et duergestallt hutt, firwat ass et da méiglech, datt Joren duerno d'Leit Sue restituéiert kréien? Dat heescht, net déi Fro, déi Dir eigentlech elo an de Mëttelpunkt gestallt hutt, datt si musse Suen un d'ADEM zrëckginn, mä datt si nodréiglech Sue restituéiert kréien.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Majo, dat ass ganz einfach ze beäntweren. Vu datt mer jo elo de normale System vun der Garantie de salaire applizéieren, hänkt et vum Curateur of - an et gött also och bei där Asbl e Curateur, deen d'Liquidatioun vun där Asbl muss virhuelen -, bis deen all seng Ofschlëss a senge Berechnunge gemaach huet. An eréischt, wann deen den Ofschloss gemaach huet, weess d'ADEM, wou se mat deem engen oder mat deem aneren drun ass. Do si mer an engem normale Fall vun de Faillitten.

A firwat hunn ech deemools, wat jo och mentionéiert ginn ass vun der Madamm Andrich, d'Gesetz llicht geännert am Code du Travail iwwert d'Faillitten? Fir d'Leit net jorelaang drop waarden ze loossen, bis se zu hire Rechter géife kommen. Déi Annerung hu mer 2011 oder 2012 no der berüümter Socimmo-Faillite gemaach.

Mä hei huet missen du opgerechent ginn: Wat hunn déi Leit zegutt gehat en termes vun der Garantie de salaire a wat hunn déi Leit kritt als Chômage? Wann also d'Garantie de salaire méi héich war wéi de Chômage, kréie se Suen nach weider erëm vun der ADEM.

A wann de Chômage, wat bei e puer de Fall war - well OPE huet jo säfteg Gehälter bezuelt, dat wësse mer, besonnesch d'Spëtzt huet sech relativ säfteg Gehälter bezuelt -, da mussen déi Suen erëmbezuelt ginn. Dat ass also en normale Phenomeen an do huet misse gewaart ginn, bis de Curateur déi Ofschlëss gemaach hat an der ADEM déi transmettéiert hat.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mer ginn iwwer zum Vott iwwert de Projet 6792.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6792 et dispense du second vote constitutionnel**

Kolleeinnen a Kolleeen, d'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwver an de Projet ass mat 60 Stëmmen, also unanime ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes*

*Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

An ech froen d'Chamber dann nach, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir ginn zum nächste Projet oder zu der nächster Serie vu Projeten iwwer. Dat sinn d'Projeten 6755, 6768,...

**(Brouhaha)**

Wann ech gelift!

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**

Här Minister, d'Diskussioun ass eriwver!

**(Hilarité)**

6793, 6800, 6806, 6816. An der Presidentekonferenz ass proposéiert ginn an d'Chamber huet dat matdécidéiert, dass mer déi Projete mat engem Rapport wäerte virstellen an dass déi Projeten och da gemeinsam diskutéiert a selbstverständlech separat ofgestëmmt ginn. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Tess Burton, d'Berichterstatterin, déi net nëmmen zéng Minutten zur Verfügung huet, mä déi Zäit zur Verfügung huet, déi se brauch, fir déi sechs Projeten ze presentéieren. Ech kann lech berouegen, et sinn net sechs Mol zéng Minutten.

Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

**3. 6755 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché des équipements sous pression,**

**6768 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché du matériel électrique destiné à être employé dans certaines limites de tension,**

**6793 - Projet de loi concernant la compatibilité électromagnétique,**

**6800 - Projet de loi concernant les ascenseurs et les composants de sécurité pour ascenseurs et modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets,**

**6806 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché d'articles pyrotechniques**

**et**

**6816 - Projet de loi portant création d'un système de traçabilité des articles pyrotechniques**

**Rapports de la Commission de l'Économie**

► **Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice.** - Merci. Gutt. Här President, léif Kolleeinnen a Kolleeen, wéi grad gesot, war an der Conférence des Présidents festgehale ginn, dass déi sechs Projeten zesumme géife geholl ginn an déi kommen eben och elo a menger Ried alleguer mateneen.

All dës Projet-de-loien hunn als Zil, Direktiven ëmzesetzen. Dat heescht, déi Direktive sinn Deel vun engem ganze Pak vun EU-Direktive vun der Kommissioun, déi als But hunn, Regeln a Praktike betreffend d'Kommerzialisatioun an d'Sécherheetsmoosname vu bestëmmte Produite besser ze regelen. Mat dësen Direktive gi verschidde Gesetzer an de jeeweilegen EU-Memberlänner harmoniséiert.

An all deene Projet-de-loien ginn och d'Obligatiounen an d'Responsabilitéite vun deene concernéierten Akteure wéi d'Produzenten, d'Importateuren an d'Distributeuren definéiert. Och gött an deene verschiddene Projet-de-loie fest-

gehalen, dass den ILNAS fir de Contrôle vun de jeeweilege Beräicher zoustänneg ass. Den ILNAS ass eisen Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services.

Duerch déi nei EU-Bestëmmunge gött elo vill, wat fréier iwwer Règlements grand-ducaux geregelt war, an neie Gesetzer iwwerschafft. D'Avisé vun deene sechs Projet-de-loie vum Statsrot an de Beruffskummere sinn all quasi identesch, well et sech ëmmer ëm eng äänlech Matière handelt.

Ech huelen elo all Projet de loi duerch, fir lech kuerz den Inhalt vun deene jeeweilege Gesetzestexter ze erklären.

Ech fänken u mam Projet de loi 6755, deen d'Dispositiounen vun den Drockéquipement regelt. Dat kënnen zum Beispill Gasfläschchen oder Feierläschchen sinn. Aktuell ass dës Matière am Règlement grand-ducal vum 21. Januar 2000 regléiert, deen elo duerch dat neit Gesetz ausser Kraaft tritt. De Gesetzesprojet 6755 ass de 5. Dezember 2014 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider an der Chamber déposéiert ginn. Et koumen d'Avisé vun der Chambre de Commerce an der Handwierkerkummer eran an natierlech och den Avis vum Statsrot.

Konkret gesäit dës Gesetzgebung vir, d'Konzepitioun, d'Fabrikatioun an d'Evaluatioun vun der Konformitéit vu bestëmmten Drockéquipement, déi ënner bestëmmte Viraussetzunge benotzt ginn, ze iwwerpräiwen. Des Weideren definéiert dës Projet de loi och d'Obligatiounen an d'Responsabilitéite vun de Fabrikanten, den Importateuren an den Distributeuren, gradesou wéi d'Missioun vum OLAS betreffend d'Drockéquipement hei an dësem Gesetzesprojet determinéiert ginn. Den OLAS ass den Organisme national (veullez lire: Luxembourg) d'Accréditation et de Surveillance, deen en Departement vum ILNAS ass.

Komme mer zum Projet de loi mat der Nummer 6768, deen de 16. Januar 2015 an der Chamber déposéiert ginn ass! Zu dësem Projet de loi huet d'Chambre de Commerce de 16. Juni 2015 an d'Handwierkerkummer den 12. Januar 2016 hiren Avis ofginn. De Statsrot huet dräi Avisen zu dësem Projet ofginn.

Dës Projet de loi huet och als Zil, eng Direktiv ëmzesetzen. An där Direktiv geet et ëm d'Harmoniséierung vun deene verschiddene Gesetzer an deene jeeweilegen EU-Memberlänner, wat dat elektrescht Material ubelaangt. Den Inhalt vun dëser Direktiv ass aktuell am besteende Règlement grand-ducal vum 27. August 1976 festgehalten. Et soll EU-wäit festgeschriwwen ginn, wat fir eng Volt-Limitatioun bestinn, fir esou deene verschiddene Spannungsgrenzen um Maart Rechnung ze droen.

Wann d'Produzenten elektrescht Material, wat an der EU produzéiert gouf oder neit oder aalt elektrescht Material, wat an d'EU importéiert gött, verkafen, da musse si verschidde Richtlinne respektéieren, déi hei an deem Gesetzesprojet definéiert sinn. Méi prezis geet et hei ëm elektrescht Material, wat eng nominal Spannung tëscht 50 an 1.000 Volt betreffend de Wiesselstrom a 75 bis 1.500 Volt fir Gläichstrom huet.

Mat dësem Gesetz wëllt ee garantéieren, dass dat elektrescht Material héije Sécherheetsstandarden entsprécht, dat am Sënn vun der Sécherheet fir d'Leit an och fir d'Déieren an dat Ganzt am Aklang mat engem gutt funktionnéierenden EU-Bannemarché.

Den nächste Projet de loi ass de 6793. Hei geet et ëm d'elektromagnétesch Kompatibilitéit. Dës Projet gouf de 16. März 2016 déposéiert a soll, wéi déi aner och, eng EU-Direktiv ëmsetzen. Et versteet een ënner elektromagnétescher Kompatibilitéit d'Fäegkeet vu Geräter, esou ze funktionnéieren, dass se aner Geräter net stéieren. Et geet hei haaptsächlech ëm Radiokommunikationsapparater.

Aktuell ass d'Matière, déi d'Compatibilité électromagnétique ubelaangt, iwwert d'Gesetz vum 25. März 2009 regléiert. Dës Gesetz géif mat deem neie Projet de loi ganz ofgeschafft ginn. An och hei ginn de concernéierten Akteure wéi de Produzenten, den Importateuren an den Distributeuren Obligatiounen a Responsabilitéiten iwwerdroen.

Dann, am Gesetzesprojet 6800 geet et ëm Lifter a Bauelementer respektiv Baukomponenten, also Bestanddeeler vu Lifter.

Hei nach eng kuerz Klammer: Mat dësem Projet de loi gött näamlech och d'Gesetz vum 15. Dezember 2010 iwwert d'Sécherheet vun de Spillsaache geännert, fir esou eng Rei Erreurs matérielles an deem Gesetz ze verbessern.

De Projet de loi 6800 gouf den 31. März 2015 an der Chamber déposéiert. E wäert déi besteeënd Reglementer betreffend Lifter ausser Kraaft setzen a se duerch en eenheetleche Gesetzestext ersetzen. Betraff sinn all Aarte vu Lifter a Bestanddeeler vu Lifter, déi Mënschen a

Géigestänn transportéieren. Dës Direktiv, déi ëmgesat soll ginn, soll garantéieren, dass d'Lifter an och d'Bestanddeeler vun de Lifter konform sinn an esou d'Sécherheet vun de Leit an engem Lift garantéiert gött.

Zum Schluss nach zu deenen zwee leschte Gesetzestexter, déi direkt mateneen zesummenhängen. Hei geet et ëm pyrotechnesch Artikel, wéi zum Beispill ëm Freedefeier. An de Projet-de-loien 6806 an 6816 geet et ëm d'Bereetstellung vu pyrotechnesch Produiten op eise Marché an ëm hir Traçabilitéit.

De Projet de loi 6806 iwwert d'Bereetstellung vu pyrotechnesch Produite gouf de 27. Abrëll 2015 déposéiert an de Projet 6816 iwwert d'Traçabilitéit vu pyrotechnesch Produite gouf den 12. Mee 2015 déposéiert.

Wat de Projet de loi 6806 ubelaangt, sou setzt dës Gesetzestext d'Ramebedingunge vu pyrotechnesch Produiten, déi um Marché verkaaft ginn. Hei gött déi fräi Zirkulatioun um Bannemaart assuréiert. D'Regele fir d'Sécherheet vun der Gesondheet, fir déi ëffentlech Sécherheet, fir d'Konsumentesécherheet a fir d'Protektioun vun der Ëmwelt ginn hei och festgehalten. An och mussen d'pyrotechnesch Produkter vum Fabrikant a gewësse Kategorië klasséiert ginn, dës am Hibleck op hire Risikoniveau, hir Lautstäerkt, hir Destinatioun an hire Gebrauchszweck.

Dës gesot, kommen ech dann zum Inhalt vum Projet de loi 6816, wou et d'Zil ass, eng Traçabilitéit vu pyrotechnesch Artikel vum Produzent mat där ganzer Liwwerketten ze erstellen. Dat heescht, et soll noverfollegt kënne ginn, wou dës Artikel hierkommen a wou se higeliwwert ginn. Dës Traçabilitéit soll vun der zoustänneger Instanz, dem ILNAS, deen de Contrôle ka maachen, iwwerpréift kënne ginn.

Déi pyrotechnesch Artikel wäerten och eng Etikett kréie mat enger registréierter Nummer. Dës Nummer enthält dräi Informatiounen: Éischtens kritt den Artikel eng Identifikationsnummer vun der zoustänneger Instanz, déi fir de Contrôle zoustänneg ass, nodeems iwwerpréift ginn ass, dass den Artikel konform ass. Zweetens gött eng Kategorie fir den Artikel festgeluecht an drëtzens kritt den Artikel och nach eng Bearbechtungsnummer vun deem zoustänneger Kontrollorgan.

Des Weidere gesäit dës Gesetz och eng Rei Obligatiounen fir d'Kontrollorgan, d'Fabrikanten an d'Importateure vir. Dat heescht, d'Kontrollorganer mussen näamlech iwwerpräiwen, ob dës pyrotechnesch Artikel konform sinn an um Marché zougeloooss sinn. Déi zougelooossen Artikel stinn an engem Regëster, dee sech op d'Gesetz 6806 iwwert d'Bereetstellung vu pyrotechnesch Produkte bezitt. An deem Regëster vun deene pyrotechnesch Artikel mussen eng Rei Informatiounen iwwert dës Artikel stoen, wéi zum Beispill déi registréiert Nummer vum Artikel. Den Datum, weini den Attest vun der Konformitéit ausgestallt gouf, de Fabrikant, den Typ vum Produit an all weider Informatiounen, déi et iwwert den Artikel gött, sollen an deem Regëster vun de pyrotechnesch Artikel stoen.

Dës Informatiounen an deem Regëster mussen op d'mannst zéng Joer gehale ginn. Och muss dës Regëster vun den zoustänneger Kontrollorganer regelméisseg à jour gesat ginn an och public sinn an zu jidder Zäit um Internet ze konsultéiere sinn.

Mä net nëmmen d'Kontrollorganer, och d'Fabrikanten an d'Importateure vun de pyrotechnesch Artikel kréie mat dësem Gesetz Obligatiounen. De Fabrikant respektiv den Importateur muss eng Lëscht féiere mat all de registréierten Nummere vun deenen Artikelen, déi hie produzéiert oder importéiert. Dës Lëscht muss hien EU-wäit all deenen zoustänneger Kontrollorganer matdeelen. A wann hie seng Produktioun oder Importatioun astellt, muss hien dës Lëscht bei all den zoustänneger Kontrollorganer och erëm ofginn.

Dat gesot zum Inhalt vun deenen eenzelne Projet-de-loien, géif ech elo nach kuerz op d'Avisé vum Statsrot agoen.

Här President, vu dass d'Avisé vun de jeeweilege Projet-de-loie relativ d'selwecht sinn, stellen ech lech elo déi Haaptelementer vun dësen Avisé vir:

De Statsrot kritiséiert bal ëmmer d'Netanhale vun der Hiérarchie des normes, dat heescht, dass am Gesetzesprojet op Dispositiounen verwisen gött, déi a Règlement-grand-ducal festgehale sinn. Och mécht de Statsrot drop opmierksam, dass een Abschnitt iwwer eng Verpflichtung vum ILNAS vun de jeeweilegen Direktiven net transposéiert gouf. An de Statsrot huet och a sengen Avisé kritiséiert, dass déi englesch Sprooch zwëschen dem ILNAS an deene concernéierten Akteure genotzt ka ginn.

A hirer Lettre d'amendements huet d'Wirtschaftskommissioun bei deem feelende Para-





graf iwwert den ILNAS drop higewisen, dass dëst am Gesetz vum 4. Juli 2014 iwwert d'Reorganisatioun vum ILNAS scho festgehalen ass, an dofir gëtt an deenen eenzelne Projet-de-loien op dee concernéierten Artikel vum Gesetz higewisen.

Och huet d'Kommissioun mam Wirtschaftsministère festgehalen, dass och Englesch als Kommunikatiounssprooch zwëschen dem ILNAS an de concernéierten Akteure ka genotzt ginn, dëst well vill Normen op Englesch verschafft ginn an et schonn haut Usus ass, dass sech an dëser Sprooch an deem Beräich ausgetosch gëtt, obwuel dat net eng vun eisen dräi offizielle Sproochen ass, déi am Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwer eise Regimm vun de Sprooche festgehalen sinn.

Schlussendlech konnt mat den Amendementer vun der Wirtschaftskommissioun all den Ufuerderungen, déi de Statsrot gestallt huet, Rechnung gedroe ginn.

Wat d'Chambre de Commerce an d'Handwerkerkummer ubelaangt, sou hu si an hire jeeeweiligen Avisen déi verschidde Projet-de-loie grondsätzlech begreist. Si hu keng gréisser oder fundamental Remarquë formuléiert an an hirem jeeeweiligen Avis complémentaire stelle si fest, dass d'Wirtschaftskommissioun den Hauptfuerderunge vum Statsrot nokënn.

Voilà, dat gesot zu all dëse ganz technesche Projeten, ginn ech natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dëse sechs Projet-de-loien an ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet elo direkt déi éischt ageschriwwene Riednerin. Ah neen, sorry, ech war schonn ee Kapitel vir.

(**Concertation interne**)

► **Une voix.** - Soll ee sech mellen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, neen, neen, ech hunn dee richtege Verdächte scho fonnt: Den Här Félix Eischen huet d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Merci, Här President. Ech wëll virun allem der Madamm Burton Merci soe fir hire schréfftlechen a mündleche Rapport, dee vollgespickt war mat techneschen Detailer. Si ass bravouréis derduerchkomme, bravo! An ech ginn domadder den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet d'Wuert den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - Gutt, ech géif mech de Wieder vum Här Félix Eischen uschléissen a mir bleift eigentlech och just, der Rapportrice e grouse Merci ze soe fir hire ganz gudde schréfftlechen, awer och mündleche Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Wuert huet dann elo den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Jo, Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat ware sechs Projet-de-loien a si ware ganz technesch. Mir hate ganz verschidde Voleten do: Eng Kéier ware mer ënner Drock, eng Kéier ware mer ënner Spannung, dunn hu mer och nach d'Lifter un d'Rei geholl an zum Schluss ass nach e Feierwierk gezümt ginn.

Ech soen der Rapportrice Merci fir hir feierwierkaarteg Presentatioun vun dësem Projet de loi a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dann hunn ech d'Wuertmeldung vum Här Kartheiser.

Ech wollt mech nach eng Kéier fir dat Mëssverständnis vu virdrun entschëllegen. Ech hat hei stoen als ageschriwwene Riednerin: d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch.

(**Interruption par Mme Françoise Hetto-Gaasch**)

Voilà! A vu dass d'Madamm Gaasch net reagiert huet, war ech frou, dass den Här Félix Eischen dat gemaach huet.

(**Interruption**)

Nach eng Kéier Merci fir d'Versteesdemech. An den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. An och vun eiser Säit aus en häerzleche Merci un d'Madamm Burton fir e ganz techneschen a ganz komplizéierte Rapport.

Vun eiser Säit aus wollte mer eigentlech just op een Aspekt elo agoen, an dat ass nach eng Kéier d'Situatioun vu behënnerte Leit, déi e Lift huelen. Do sinn e puer Froen, konkret Froen,

déi eis awer esou wichteg schéngen, datt mer d'Opmierksamkeet vun der Regierung nach eng Kéier wollte speziell op d'Situatioun vun deene Leit lenken an och d'Regierung froen, datt se vläicht ka kucken, wat se ka fir déi speziell Situatiounen maachen am Kader ebe vun techneschen oder aneren Dispositiounen, déi ee kann huelen.

Dat Éischt ass, datt net an all Lift Blanneschrëft ass. Dat schéngt eis och eng ganz wichteg Saach ze sinn, déi ville Leit kéint hëllefen, sief et, datt se blann sinn oder ganz schlecht gesinn, mä dat ass eng wichteg Saach.

Dat Zweet ass: Et ass en Telefon a ville Lifter, fir Hëllef ze ruffen. Och déi si gewéinlech, d'Tasten, net mat Blanneschrëft. Oder et wär souguer besser, well Leit an engem Rullstull och net ëmmer un dee Lift (veuillez lire: am Lift un deen Telefon) kommen oder aner Leit Problemer hunn, datt vläicht éischter e Knäppchen do wär wéi en Telefon, fir datt se kéinten Hëllef ruffen, awer Hëllef, déi da mat enger externer Zentral verbonnen ass an net onbedéngt mat engem, deen am Haus soll sinn. Well de Weekend oder owes spët ass net ëmmer eng Persoun do, fir kënne ze hëllefen. Also dat ass en zweete Punkt: vläicht och drun denken, fir e Knäppche besonnesch fir Leit, déi an engem Rullstull setzen.

Dat Drëtt ass: Vill Leit bekloe sech och doriwwer, datt, wa se dann Hëllef ruffen iwwer en Telefon, dann ass dat dacks eng Zentral am Ausland, déi de Weekend äntwert, an do sinn zum Deel Zentralen an der Belsch, wou dann een ass, deen nëmme Flammännesch schwätzt, heiansdo och Franséisch. An dat ass natierlech och e Problem, wann een an engem Lift agespaart ass hei am Land an et huet een eng Persoun um Telefon, déi Flammännesch schwätzt.

Dat ass och e Problem a vun eiser Säit wär et vläicht ganz gutt, fir ze insistéiere beim Agrément oder bei de Reglementer, déi geholl ginn - Bauerlaabis oder aneren -, datt eng Noutprozedur virgesinn ass, déi et engem „normalen“ Résident am Sproochgebrauch hei (veuillez lire: erméiglecht) - an deem Sënn „normal“ hei am Land also, datt en op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch awer ka sech verständlech maachen -, och em Hëllef ze ruffen, zemoos an enger Situatioun, wou Leit, wa se an engem Lift agespaart sinn oder e gesondheetleche Problem hunn, net an enger Situatioun sinn, fir och nach sproochlech Akrobatie kënne (veuillez lire: mussen) ze maachen.

Also vun eiser Säit aus déi Fro un d'Regierung, oder em wat mer se bieten, dat ass eben, fir speziell bei de Lifter op déi Aspekter opzepassen, déi déi behënnert oder krank Leit an iergendengem Mooss kéinte treffen.

Dat gesot, gi mer natierlech och gär den Accord vun der ADR fir dës Gesetzter. Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Här President, villmoos Merci. Virop wëll ech natierlech och der Madamm Rapporteur villmoos Merci soe fir hire globale Rapport. Et geet hei, dat hu mer héieren, em sechs verschidden Direktiven, em d'Emsetzung dovun an eis Legislatioun. A mir wäerten d'Chamber ganz geschwënn, an e puer Wochen, nach emol mat enger ganzer Rei vun äänlech gelagerten europäeschen Texter befaassen.

Et ass effektiv eng ganz technesch Matière, déi awer extrem wichteg ass, well et jo schliesslech hei em d'Maartiwwerwaachung geet. Mir verbesseren de legislative Kader fir d'Kommerzialisierung vun de Produkter.

Zu Lëtzebuerg ass, wéi gesot, den ILNAS zustänneg, déi kompetent Autoritéit. Den ILNAS huet zu Esch e ganz sophistiquéierte Laboratoire, fir Produkter ze testen, déi ebe mam CE-Zeeche gelabelt sinn. Natierlech ginn et där Préifinstituter ganz vill an Europa an natierlech gëtt sech och ënnerenee mat Hëllef vun enger gemeinsamer Datebank ausgetosch, fir eben double Emploien ze verhënnern.

De Fait, dass elo nei Direktiven um Dësch leien, dat ass drop zrëckzeféieren, dass eben nach ze vill net konform Produkter um europäesche Marché verkaaft goufen, dass verschidde Kontrollorganer net gutt genuch waren, dass och vill Akteure Problemer haten, fir déi Direktiven ze verstoen, well all Direktiv erëm hir eege Struktur huet.

Mat deem neie Kader respektiv mat deenen neien Direktive kënn elo eng besser Kohärenz vun den Texter, eng eenheetlech Struktur mat deeneselwechten Definitiounen, deenesel-

wechte Verflichtunge fir Produzent, Distributeur, Importateur an natierlech ganz gär mat op de Wee. Ech wëll awer och soen, dass Lëtzebuerg dat eenzegt Land ass, wat a sengem Koalitionsaccord de Begrëff vum „Design for All“ dran huet, dass mir also ganz vill Wäert drop leeën, dass all ëffentlech Infrastrukturen och behënnertegerecht sinn an dass mer permanent am Fong Wäert drop leeën, fir an déi Richtung weiderzuschaffen.

Wat d'Ureegungen ugeet vum Här Kartheiser, huelen ech déi natierlech ganz gär mat op de Wee. Ech wëll awer och soen, dass Lëtzebuerg dat eenzegt Land ass, wat a sengem Koalitionsaccord de Begrëff vum „Design for All“ dran huet, dass mir also ganz vill Wäert drop leeën, dass all ëffentlech Infrastrukturen och behënnertegerecht sinn an dass mer permanent am Fong Wäert drop leeën, fir an déi Richtung weiderzuschaffen.

Voilà, Här President, ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Statssekretärin. A mir géifen dann noeneen iwwert déi verschidde Projeten ofstëmme. Mir fänken u mam Projet de loi 6755.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6755 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass mat 60 Stëmme, also unanime, ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

D'Chamber ass jo dann och bereet, fir d'Dispens ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Den nächste Projet, iwwert dee mer ofzestëmmen hunn, ass de Projet 6768.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6768 et dispense du second vote constitutionnel**

A mir fänken direkt mat der Ofstëmmung un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Och hei Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Cécile Hemmen), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

An déiselwecht Fro: D'Dispens vum zweete Vott, ass d'Chamber domat d'accord?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Den nächste Projet ass de 6793.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6793 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

D'Resultat ass datselwecht: Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Cécile Hemmen), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

De Projet 6800.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6800 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Marc Angel), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

An d'Dispens vum zweete Vott, ass d'Chamber domat d'accord?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

De Projet 6806.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6806 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich...

(**Interruption**)

Jo, dann ass se elo eriwwer.

Unanimitéit bei 59 Jo-Stëmme, keng Géigestëmm a keng Abstentioun. Domat ass och dee





Projet unanime ugehall, unanime vun deenen, déi ofgestëmmt hunn.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6806 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Cécile Hemmen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

D'Dispens vum zweete Vott, ass d'Chamber domat d'accord?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

A mir kommen zum nächste Projet. Dat ass de Projet 6816.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6816 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procurationen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

An de Projet de loi 6816 ass unanime ugehall mat 60 Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Cécile Hemmen), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

An ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Ech mengen, dann hätte mer d'Projeten alleguer. Voilà! Villmools Merci.

An da géife mer zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6877, eng Direktiv am Beräich vun den Zäregasen. An d'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo direkt den Här Rapporteur, de Roger Negri.

## 4. 6877 - Projet de loi

**a) portant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°517/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux gaz à effet de serre fluorés et abrogeant le règlement (CE) n°842/2006;**

**b) modifiant la loi du 11 août 2011 portant exécution et sanction du règlement (CE) n°1005/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone;**

**c) abrogeant la loi du 28 juillet 2011 portant exécution et sanction de certains règlements communautaires relatifs aux installations contenant certains gaz à effet de serre fluorés**

**Rapport de la Commission de l'Environnement**

► **M. Roger Negri** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vum Projet de loi vun haut ass et, fir mat enger rechtlecher Evoluitioun um EU-Niveau Schrëtt ze halen am Beräich vun de fluoréierten Zäregasen, «gaz à effet de serre fluorés», déi ganz klimaschiedlech sinn. Eis Legislatioun ass nach um Stand vum EU-Règlement 842/2006 iwwert déi fluoréiert Zäregasen, dat duerch d'Reglement 517/2014 ersat gouf an ab dem 1. Januar 2015 gültig ass. Et kënnt domadder zu enger Verschäerfung vun de Virschreften, wat dës klimaschiedlech Gasen ugeet. Et geet hei haaptsächlech ëm d'Hydrofluorcarburén (HFC), Hydrocarbures perfluorés (PFC), Hexafluorure de soufre (SF6), deemno Schwiefelhexafluoriden.

Fluoréiert Zäregasen hu vill méi en héijen Impact op d'Klima wéi den normalen CO<sub>2</sub>. Dat ass de Grond, firwat dës Stoffe esou streng solle reglementéiert ginn. Doriwwer eraus entsti se am Prinzip net, wéi den CO<sub>2</sub>, als eng Zort Nieweprodukt vu Verbrennungsprozesser, mä se gi vum Mënsch selwer produzéiert, fir kënne a verschidde Beräicher agesat ze ginn.

Et läit deemno an den Hänn vun der Politik, fir dës Produktioun an d'Notzung vun dëse Substanzen ze encadréieren. Benotzt ginn déi fluoréiert Zäregase virun allem als Killmëttel a Frigoen, Klimaanlagen, als Dreifgas fir Spraydousen, Schaum an Dämmmëttel oder och nach als Feierlächsmëttel.

Dat neit Règlement limitéiert d'Quantitéit vun de fluoréierten Zäregasen, déi kënne verkaaft ginn, a wëllt esou schrëttweis bis zum Joer 2030 dës Quantitéit ëm 80% reduzéieren. Alternativ Substanzen, déi manner klimaschiedlech sinn an trotzdem wirtschaftlech vertretbar sinn, solle verstärkt zum Asaz kommen. Iwwerall do, wou et dank dem technesche Fortschrëtt gutt a fiabel Alternative gëtt, sollen déi fluoréiert Zäregase verbuede ginn.

An der Konsequenz kënnt d'EU domat net nëmmen hire Klimaschutzziler méi no, si ënnerstëtzt domat och d'Innovatioun an déi Entreprises, déi Ersatztechnologien entwéckelen an op de Marché bréngen.

Däitlech Verännerunge gëtt et ausserdeem bei der Iwwerwaachung vun den Entreprises, déi déi betrafte Substanze benotzen. Regelméisseg Kontrollen vu Geräter, déi esou Substanzen enthalten, ginn ausgedeeent, wéi zum Beispill op Killcamionen. Iwwert dës Kontroll muss genee Buch gefouert ginn.

Fir den Asaz vu manner klimaschiedleche Substanzen ze féideren, ginn dës och net méi op d'Gewicht bewäert, mä entspriechend hirer CO<sub>2</sub>-Äquivalenz, déi jee no Substanz verschidden ass. Hire sougenannten „potentiel de réchauffement planétaire“ (PRP) gëtt domat prezis Angaben, wéi wäit hir Hydrofluorcarburén (HFC), zum Beispill an deem Fall vun deenen dräi, déi ech virdru genannt hunn, bis zu engem bestëmmten Datum reduzéiert ginn, soss ënnerleie se dem Verbuet, fir nach weider kënne verdréiwwen ze ginn.

Aus deene méi wéi enger Dose Begrenzungen, déi am Gesetz stinn, wëllt ech just eng als praktescht Fallbeispill erausgräifen. Hausfrigoen an Haustiifküler, déi mir jo all kennen, duerfte just bis den 1. Januar 2015 net méi wéi 150 PRP-Äquivalenzen als HFC beinhalten, soudass se elo net méi däreft verkaaft ginn. Also do ka jiddweree vun eis als opmierksame Konsument dat selwer kontrolléieren.

Global gesi muss een ervirhiewen, dass am Kyoto-Protokoll déi fluoréiert Treibhausgasen, sougenannten F-Gasen, wéinst hirer héijer Kli-

maschiedlechkeet also bis zu 100-, bis souguer 24.000-mol jee no Gas méi héich als normalen CO<sub>2</sub> klasséiert sinn, woufir dës Zäregasen awer wirklech zu Recht als regelrecht Klimakiller gëllen. D'Produzente vun dëse Substanze gi verflücht, am Produktiounsprozess esou wéineg Emissiounen wéi méiglech ze hunn.

Et gëtt och nei Virschreften iwwert d'Recupératioun vun dëse Gasen. Déi eenzel Memberstate mussen en entspriechende System en place setzen, deen d'Produzenten an d'Verantwortung hält an derfir suergt, dass d'Recupératioun, de Recyclage oder d'Eliminatioun vun de fluoréierten Zäregase korrekt gemaach gëtt. Des Weidere ginn déi Entreprises, déi dës Gase verkaufen, méi staark iwwerwaacht a maachen an Zukunft e Regëster dovun, an dee muss se och ganz genau féieren. Et gëtt e Quotesystem agefouert, deen d'Produktioun, den Import an den Export vu fluoréierten Zäregase limitéiert.

E weidere wichtegen Aspekt betrëfft d'Formatioun an d'Zertifizéierung vu Leit, déi mat esou Substanzen ëmginn. Dobäi gëtt et eng Bestëmmung, déi besonnesch fir Lëtzebuerg wichteg ass. Et gëtt e System vu géigesäiteger Unerkennung vun dëser Formatioun agefouert, soudass Länner wéi Lëtzebuerg, déi net wirklech déi néideg Masse critique hunn, fir esou Formatiounen selwer auszeschaffen an unzibidden, ganz einfach Formatiounen aus engem aneren EU-Land unerkennen.

De Projet de loi befaasst sech des Weidere mat der systematescher Kontroll vun der Étanchéitéit vun den Anlagen. Eng Kontroll kann nëmme vun engem onofhängegen agrééierter Kontroller oder Kontrollorgan gemaach ginn, déi och déi entspriechend natierlech Formatioun gemaach hunn.

Nom ofgeännerte Kommodosgesetz vum 10. Juni 1999 kënnen och Ëmweltorganisationen a Parties civiles viru Geriicht goen, wa se der Meenung sinn, dass Infraktiounen géint déi virleidend Reglementatioun bestinn. Penal Sanktiounen tëschent acht Deeg an engem Mount an/oder enger Amende vun 251 bis 50.000 Euro si virgesinn, wann den Exploitant kee Regëster iwwer seng Anlage féiert respektiv onkomplett féiert. Datselwecht gëllt fir en Importateur, deen déi néideg Dokumenter net un d'Europäesch Kommissioun weidergeleet huet.

Méi héich Strofen tëschent engem Mount an engem Joer Prisong an/oder 50.001 Euro bis zu 500.000 Euro ginn et, wann een intentionnellement fluoréiert Gase fräisetzt oder wann net déi néideg Moossname geholl ginn, fir d'Fuitten an den Anlagen ze verhënneren. Sou och ënner anerem zum Beispill, wa keen Détecteur de fuite op deenen Aggregater fest montéiert ass.

Här President, dat neit EU-Règlement mécht weltwäit déi strengsten an ambitiëste Virschreften, wat den Ëmgang mat fluoréierten Zäregasen ugeet. Wann een den Impact vun dësen Zäregase kuckt, da sinn dës Efforten absolutt berechtigt. Zum Deel gëtt dës Politik vun de Chambres professionnelles, déi am Kader vum Projet de loi hiren Avis ofginn hunn, och positiv ervirgehuwen. Alleréngs brénge si och d'Suerg zum Ausdrock, dass Betriber an der EU doduerch risquéieren, manner wettbewerbsfäeg ze sinn.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 19. Januar 2016 eng Opposition formelle gemaach a Bezuch op déi initial Fuerderung, fir der Ëmweltverwaltung jeeeweils bis zum 31. Mäerz déi virgesinne Registres d'exploitation virzeleeën. Well dëst awer net konform ass mat deem neien EU-Règlement an nëmmen op d'Demande vun der Ëmweltverwaltung ze geschéien hätt, huet dat missen an der Kommissioun geännert ginn.

De Statsrot hätt och d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel net ginn, wa bei Betribskontrollen nëmmen de lokale Chef sur place sollt informéiert ginn, wéi dat am initiale Gesetzestext stoung, mä dass konform zum EU-Règlement de Propriétaire an den Exploitant préalablement, dat heescht deemno virun esou enger Kontroll, mussen aviséiert ginn. Dat gouf och geännert an der Ëmweltkommissioun. An domat huet de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 19. Abrëll 2016 och säin Accord zum Projet de loi ginn.

An der Hoffnung, dass mer de Mëtte souwuel d'Zilsetzung wéi och d'Strategie vun der EU-Reglementatioun, fir déi klimaschiedlech Zäregasen ze reduzéieren, voll a ganz ënnerstëtzen, ginn ech och domadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Negri. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marcel Oberweis.

**Discussion générale**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt dem Roger

Negri, deem eminenten Ingenieur aus der Chamber, hei Merci soe fir dee mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass alles gesot ginn, wat hätt misse gesot ginn. Dofir den Accord vun eiser Säit aus a Merci nach eng Kéier.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Oberweis. Den Här Kox.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Majo, ech schlësse mech mengem Virriedner un an ech soen och Merci dem Här Negri fir den ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass e wichtegt Gesetz. Et ass awer immens technesch, dofir ginn ech net méi an d'Detailler. An dofir soen ech och Merci nach eng Kéier an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Une voix.**- Ganz gutt!

► **Une autre voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci gesot. An als Nächsten huet d'Wuert den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. An deene leschte Joren ass d'gesellschaftlech Opmierksamkeet fir d'Problematik vum Klimawandel staark an d'Luucht gaangen. Mëttlerweil ass bal kengem méi friem, dass d'Mierer amgaange sinn, d'Niveauen amgaange sinn ze klammen, dass d'Arktis amgaangen ass ze schmëlzen.

Ville Leit ass awer net kloer, wéi eng Roll déi fluoréiert Zäregasen dobäi hunn. Während CO<sub>2</sub> awer esou gutt wéi jiddwerengem e Begrëff ass, gëtt zum Beispill vum Schwiefelhexafluorid oder anere fluoréierte Gase ganz wéineg geschwat. Dobäi ass CO<sub>2</sub> awer bäi Wäitem net déi eenzeg Moleküll, déi dem Klima schuede kann!

Andeems mir haut dëse Gesetzesprojet stëmmen, droe mir dozou bäi, dass déi fluoréiert Zäregasen, déi 100- bis 24.000-mol méi en héicht Treibhauspotenzial hu wéi CO<sub>2</sub>, am Joer 2030 nëmmen nach een Drëttel vun deem Taux ausmaachen, deen se am Moment hunn. 1,5 Gigatonnen Emissiounen aus fluoréierte Gase wäerte bis 2030 der Atmosphär erspuert bleiwen, andeems mir dëse Projet stëmmen. Dat si Gasen, déi haaptsächlech a Frigoen, Tifköltruhen, Dämmmaterialien, Léisungsmëttel oder och a Féierlächser erëmfanne sinn. A verschidde Supermarchée ginn awer haut schonn erfollegräich Killrayone genotzt, déi mat Ersatzmëttel auskommen an esou op déi fluoréiert Zäregase verzichten.

An och fir Privatleut ass et schonn a Frigoen an an Tifköltrue problemlos méiglech, um Marché esou Produiten ze fannen. Eng bekannte Schungmark huet zum Beispill och virun enger Rei Joren opgehalen, Schwiefelhexafluorid fir d'Produktioun vun hire Sportsschung ze verwenden. Dës Beispiller weisen, dass et haut schonn der Industrie méiglech ass, fir ouni fluoréiert Zäregasen auszekommen.

Wa mir haut dëse Gesetzesprojet stëmmen, suerge mir also derfir, dass all déi positiv Beispiller, déi ech grad genannt hunn, keng Eenzelbeispiller wäerte bleiwen.

Dëst gesot, bleift mir, den Accord vun eiser Fraktioun ze ginn, dem Roger Negri Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Hahn. An d'Wuert huet den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus en häreleche Merci un den Här Negri fir dëse Rapport. D'ADR dréit dëst Gesetz gär mat. Mir deelen déi Zilsetzungen, déi den Här Negri eis hei erkläert huet. Mir wëllen awer dräi Bemierkunge maachen, déi eis e bësse Suerge maachen.

Dat Éischt ass, datt mer och an dësem Beräich eng Entwécklung hunn, déi ëmmer méi an d'Richtung geet vum Tout-pénal. Et gëtt fir ëmmer méi Saache penal Strofen. An och déi Prozeduren, déi domadder verbonne sinn, déi sinn tendenziell ëmmer manner rechtsstaatlech.

Mir haten an dësem Gesetz jo eng Diskussioun driwwer, wann eng Hausduerschung ass, ob de Propriétaire, ob den Exploitant, wéi et bis elo ass, muss am Viraus benorrichtegt ginn oder, wéi et een Abléck proposéiert gouf vun der Regierung, fir einfach ze soen, deen Abléck, wann d'Kontroll ass, da soll dann dee betrafene Propriétaire oder Exploitant Bescheid gesot kréien. Dat ass net duerchkomm, dat ass och gutt esou.

Mä mir wëllen also hei eng éischt Bemierkung maachen, dat ass, datt d'Rechtsstaatlechkeet muss am vollen Ëmfang erhalte bleiwen an datt